# Mystaria 25 - News

## D'Portal ass nees op!!!



Wéi ass d'Geschicht ausgaangen?

No enger spannender Woch an der Welt vu Mystaria, voller Abenteuer a Magie, hunn d'Wëllefcher et fäerdeg bruecht, **all d'Portalstécker ze fannen a genuch Energie ze sammelen**, fir d'Rees zeréck Heem virzebereeden.

An engem festlechen Ofschloss mat villen Gelaachs a Kaméidi koumen och déi zauberhaft Wiesen nach eng Kéier op Besuch:
**Aquilla, Umbra, Lysander a Glimmerwicht**.





Wéi d'Luucht vum Portal duerch dem Mystarius säin Zauber endlech ugeet, gëtt kloer:
D'Kanner kënne net nëmmen heem, mee **sinn och zu all Moment wëllkomm zréck a Mystaria – esouguer mat hirer Famill.**



Mam **Misty 3000**, engem flotte Gefier fir d'Portalrees, an engem grousse gemeinsame Camplidd, fueren déi 4 Kanner zeréck – **mat neie Frëndschaften a ville schéinen Erënnerungen am Gepäck.**

## Fotoe vum Dag



Do fällt ee bal vum Dësch



Ups



Gruppefoto vun de 4 Wiesen



Hoch hinaus



Een Erënnerungsstéck



D'VIPs sinn op Besuch



E maageschte Turnéier



A schnell no vir



Ee Meeschterwierk



Hutt net vergiessen!



Di beschte Kachekipp

## Opruff

**Fotoen**

Fotoen eroplueden

Hei kanns du Fotoe kucken!

**Schonn eppes fonnt oder Verluer?**

De Lost and Found ass **am Sekretariat** an der Sportshal

Du fënns d'Campzeitung **ab elo och online:**

**mystaria.lgs.lu /campzeitung**

## Witzer

Wie nennt man einen Bär, der nicht sauber schreibt?
Ein Kritzli-Bär

Was isst ein Roboter?
Microchips

"Herr Richter, Ihnen kann man es aber auch nicht recht machen! Breche ich ein, werde ich verurteilt. Breche ich aus, auch?"

*Teo a Luise, Diekrech*

**U jiddereen, deen dozouu bäigedroen huet, dass dëse Camp e succès war, un all d'Chef an un de ganze Staff:**

B-R-A-V-O



## E Weltrekord!?

**Verspriechen Housen-Houschent**

Et ass erëm Zäit fir d'Verspriechen. D'Scoute vun Housen-Houschent haten den Dënschden Owendhiert Verspriechen. Bei den Housen-Houschenter maachen dat ëmmer déi Eelst.Et war en eenzegaartege Moment fir déi Eelst déi eppes versprach hunn datse hiert Liewe laang hale wëllen.

*Jim, Fiona a Lena, Housen-Houschent*



**Beetebuerger Wëllefcher brieche Spullrekord (3min. 28sek.10 millisek.)**

Freiden, de 25. Juli huet eng motivéiert Ekipp vun de beschte Spullerten de Spullrekord gebrach. Den Owend war d'Spull an 3min. 28sek. 10 millisek. scho fäerdeg. Dëst entsprécht enger Duerchschnëttszäitvun 8,87 sec./Persoun. De Grupp vu 24 Leit am Total huet also kënnen dësen exzeptionellen Triumph feieren.De Beetebuerger Grupp

*De Beetebuerger Grupp*





**Fehlerteufel:**

An der leschter Ausgab vun der Campzeitung hu sech leider e puer Fehler ageschlach.

D'Minnenaarbechter hunn "**Gléck op**" gesot an net "Bléck op". D'Redaktioun krut do eng Fehlerinformatioun erageschéckt.

Beim Witz mat der Kaffismaschinn huet d'Pointe gefeelt. Fir d'Spannung elo net nach méi laang oprecht ze erhaalen elo hei d'Opléisung: **eine Kaputtschine.**
Eng aaner Variant vum Witz gouf haut erageschéckt: Was kommt aus einer kaputten Kaffeemaschine?
Ein Kaputtschino *(Emilia, Chiara, Julia, Bouneweg)*

D'Rätsel an der leschter Ausgab heescht Sudoku an net Soduko. Do waren d'Vokaler wuel vertosch.

## Wousst de schonn? – Fakte vun den LGS:


Dee leschten groussen internationale Camp vun den LGS (mat alle Branchen) war de **GoUrban 2017** Um Kierchbierg



## Zitat vum Dag:

"Et ass ganz gutt, mee am Zelt sténkt et."

*Extrait RTL, Intwerview mat engem Wëllefchen iwwer de Mystaria 25.*



## D'Wieder




## Witz

Mutter zu Fritzchen: "sag 2 mal Nabel!"
Fritzchen: "Nabel, Nabel."
Mutter: "Bustabier es 2 mal!"
Fritzchen: "N-A-B-E-L, N-A-B-E-L!"
Mutter: "Sag es noch 2 mal!"
"Nabel, Nabel."
Mutter: "Und mit was isst du deine Suppe?"
Fritzchen: "Mit der Gabel!"

*Timo, Wormer*

**D'Wiese vu Mystaria soen Äddi a wënschen eng schéi Vakanz!**



**Campzeitung vum 25-26.07.2025**

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
PR-Ekipp Mystaria 2025
TK

Merci un eis Sponsoren:
creos
ënnerstëtzt vun œuvre nationale
GEMENG Stroossen
les thermes